Jonglënster, den 29. Abrëll 2025

# 17. Reunioun – Rapport

**23. Abrëll 2025 – Centre Polyvalent „Gaston Stein“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d’Presidence un d’Membere vun der Kommissioun a Virstellung vun eisem neie Member. Wëllkomm!

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 16. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Lënster Wibbelt

- D'Reunioun mat de Veräiner huet ongeféier eng deck Stonn gedauert, alleguerten d'Veräiner ware präsent ausser déi zwee di sech am Viraus ofgemellt hunn. Mir hunn hinnen alles erkläert, Oflaf, Informatiounen, Verännerungen, etc. Donieft hunn si eis och op Saachen opmierksam gemaach. Zum Beispill wäerte mir d'Hal liicht anescht andeele fir dass d'Veräiner no bei hirer Garage sinn an esou net duerch deenen aneren hir Terraine lafen. De Fitness Club huet gesot si géifen een Dessert maachen. D'Kommissioun mëscht vu 16-18 Auer de Spullwon, duerno maachen d'Cateringsveräiner dat selwer jee no hirem eegenem Besoin. De Verdeelungsschlëssel gouf vum Schäfferot approuvéiert an de Veräiner och presentéiert. Och deen neie Logo ass fir d'Event ass presentéiert ginn, hei proposéiere mir d'Schrëft ganz schwaarz ze maache fir dass een den t och erkennt. D'Powerpoint déi mir iech geschéckt haten, gouf gëschter nach vun der Gemeng un hier Corporate identity ugepasst.
- No Récksprooch mam Fitness Club wäerten si Gaufres maachen.
- De Service Communciation huet eng Präislëscht fir d'Iessen a Gedrénks ausgeschafft, dës gouf vun der Kommissioun gutt empfonnt. De Schäfferot huet dës nach liicht adaptéiert.
- An der Kommissioun ass d'Iddi opkomm am Kader vun der Social Media Campagne d'Leit dorop opmierksam ze maachen hire Bidon mat zebréngen. Dëse kënne si um Waasserspender respektiv bei engem Krunn opfëllen. Dat och am Gedanke vun der Nohaltegkeet.
- D'Sportskommissioun wäert sech drëms këmmeren, de Sall nach eng Kéier nei opzedeelen, esou dass dat alles méi oder wéineger laanschtenee geet mam Verschiben vum Material vun de verschiddenen Veräiner. Duerno sollten d'Veräiner dann déi geupdate Powerpoint-Präsentatioun kréien.
- Wann d'Veräiner déi geupdate Powerpoint-Versioun kréien, wäerte mir si froe fir eng Reklamm ze maachen op hire Socials. Dës Weidere mussen d'Veräiner och nach gefrot ginn, fir eis hire Logo eran ze schécken.
- An der Kommissioun „intern" wäerte mir och ee Schaffplang fir d'Zäitspan 16 – 22 Auer maachen. De Sekretär wäert dëse fir déi nächste Versammlung virbereeden.

## 5) Graffiti

- De Projet Graffiti huet gefaangen a mir maache mat! Fir d'éischt hunn zwee Workshops am Jugendhaus statt fonnt. Hei hunn déi Jonk sech zesumme mat den Artiste vum Hariko an dem Personal am Jugendhaus een Zenario fir op d'Mauere vum Tunnel ausgeduecht.
- D'Kommissioun huet sech, a wäert och an d'Zukunft, sech ëm d'Verpfleegung këmmeren. Dëst mat Waasser, Jus, Uebst a Snacks. Grousse Merci un d'Gemeng déi hei d'Käschte fir dës Ausgaben iwwerhëlt.

- De Projet funktionéiert gutt an ass och fir déi Jonk richteg flott. Och e puer Membere vun der Kommissioun hunn aktiv eng Hand mat ugepaakt an hunn sou gehollef ze sprayen an ze molen.
- Leider ass eng Persoun aus der Organisatioun stënterlech operéiert ginn. Mir hunn decidéiert hier zesummen ee klenge Kaddo ze maachen.
- Bis elo ginn et nach keng weider Datumer op deem mir eis treffe fir weider ze molen. Et sinn awer nach mindestens zwee Nomëtteger néideg. Sou besteet och nach keen Datum fir déi offiziell Aweiung, dës soll awer am Juni statt fannen.

## 6) Seefekëschterennen

- Bei dësem Thema si mir nach net weiderkomm. Dëst bedéngt, dass den 31. Mäerz Owends d'Versammlung vum Conseil d'Administration zu Déifferdeng stattfonnt, an si hei mussen hier Zoustëmmung ginn. Hei waarde mir op hire Feedback.
- Wat mir geplangt hunn elo an enger éischter Etappe ass ee gemeinsame „Save the Date".
- An tëscht hunn si beim Peters Sports nogefrot fir ee Chrono an ee sougenannten „Arc" fir d'Zil ze kréien.
- Eng Versammlung tëscht Déifferdeng an eis ass fir Donneschdes, den 22. Mee geplangt.

## 7) Ëmfro Veräiner

- Ee Member an der Kommissioun huet aus den Äntwerten eng Synthèse geschriwwen. Dëst Dokument gëtt elo un alleguerten d'Memberen aus der Kommissioun geschéckt. De Sekretär wäert en Avis opgrond vun dëser Synthèse ausschaffen.
- Dëse Punkt ass aus zëitleche Grënn, hannert de Lënster Wibbelt verluecht ginn.

## 8) Kannergemengerot

- Nodeems alleguerten d'Säiten eis e positiven Avis ginn hunn, geet et elo drëms déi nächst konkreet Schrëtt ze maachen an de Projet ze plangen an unzegoen.
- Dofir ass entscheet ginn een Aarbechtsgrupp ze maachen zesumme mat deene verschiddene Partner. Dës soll et erméiglechen, dass alleguerten déi verschidde Säite voll a ganz dobäi sinn.
- Et ass och entscheet ginn offizielle Kontakt mat de Gemenge Betzder an Ettelbréck opzehuelen, fir mat hinnen op d.sem Punkt zesummen ze schaffen.

## 9) Paddle - Visite

- Et ass an der Versammlung entscheet ginn, dass mir d'Visite vum Paddle um Enn vum Schouljoer wäerte maachen. Esou wäerte mir net nëmmen d'Infrastrukture visitéieren, mee och selwer eng Ronn spillen.
- Duerno wäerte mir dann alleguerten zesummen eng Versammlung ofhalen.
- Soubal mir den Accord vum Schäfferot hunn, wäerte mir dëst mat der Stad Lëtzebuerg ofklären.

## 10) Maskottchen

- Dëst Thema ass vun engem vun onsere Memberen an der Schoulkommissioun ugeschwat ginn. Dëst ass souwuel positiv, wéi och mat Bedenken opgeholl ginn.
- Et ass festgehale ginn, dass d'Schoulpresidentin dëst bei hirem Léierpersonal nofroen an de Bols fillen. Duerno kucke mir wat de Feedback vum Terrain ass.

## 11) Statuten ASBL

- Mir hunn nach eemol iwwert dat neit ASBLs Gesetz geschwat. De Sekretär wäert de Memberen aus der Kommissioun nach déi selwecht Woch eng Propose eraschécken, mat där mir alleguerten d'Sportveräiner wëllen drun erënneren hier Statuten dem neien ASBL Gesetz unzepassen.

## 12) Oppen Diskussioun

- **Logo Kommissioun**
  - Hei goufen et verschidden nei Elementer, an dat ganzt wäert nach e bësselchen daueren. Mir bleiwen um Ball.

- **Noahltege Frisbee**
  - Mir wäerten hei eng Relance maachen fir alleguerten Dokumenter ze kréien.

- **Créativ'n'move**
  - Dëse Veräin huet eis eng Mail mat enger ganzer Partie Doleance geschriwwen. Iertemlecherweis hat et hei een interne Feeler ginn, dësen ass awer elo behuewen. Mir wäerten dës Suergen a Probleemer dem Schäffen- a Gemengerot zoukomme loossen an de Veräin iwwert dëse Schratt informéieren.

- **Lichtschwertkampf**
    - De 14. Juni kënnt ee Veräin aus Däitschland op Lëtzebuerg fir Coursen am Laserschwertkämpfen unzebidden. Dëst Event dauert ongeféier 5 Stonnen an hei wäerte verschidden Technike gewise ginn.
    - Star Wars Lëtzebuerg mëscht hei och mat, an si hu gefrot ob mir do wëlle mat dobäi dobäi sinn. D'Iddi ass dëst Event méi grouss opzezéien an et géif 35 € pro Persoun kaschten. D'Sue gi fir de gudden Zweck gespent.
    - D'Event ass souwuel fir Kanner wéi och fir Jugendlecher an Erwuessener geduecht.
    - Mir begréissen dëst Event, ginn awer ze bedenken dass deen Dag och d'Konschthandwierkerdeeg an der Buerg statt fannen.

- **Demande - Tennis**
    - Mir hunn eng Demande vum Tennis Veräin krit, hei geet et ëm d'Organisatioun vun enger Sportswoch. Sou wëllen si kucken, wéi eng aner Sports-Veräiner ee kéint mat abannen, fir ee Multisports-Stage an der Péngscht- an/oder Summervakanz ze organiséieren.
    - Mir begréissen dës Initiativ a wäerten dem Tennisveräin proposéieren, dass mir ee Mail un alleguerten d'Sportsveräiner wäerte schécken an esou de Kontakt hierstelle fir dësen immens flotte Projet.
    - De Kloterveräin ass vum Tennis selwer scho kontaktéiert ginn.

## 13) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 12.05.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 18.Reunioun |
| 17.05.2025 | 16:00 | Op Fréinen | Lënster Wibbelt |
| 03.06.2025 | 19:30 | à déterminer | 19.Reunioun |
| 01.07.2025 | 19:30 | à déterminer | 20.Reunioun |
| 08.07.2025 | 19:30 | Stad Lëtzebuerg | 21.Reunioun |
| 20.09.2025 | 09:00 | Lënster | Seefekëschterennen |

## 14) **<u>Ënnerschrëften</u>**

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär